ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. August 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Baussen- an Immigratiounsminister weiderzeleeden.

Zënter 2015 sinn eng Rei vu Persounen am Mëttelmier vu staatlechen a private Schëffer opgeholl ginn - dovu konnten der och eng Rei aus enger Noutlag befreit ginn oder esou guer virum Erdrénke gerett ginn. Lëtzebuerg huet bis elo sou Leit reegelméisseg opgeholl och wann ëmmer manner Länner dat maachen. Besonnesch a leschter Zäit ginn dës Aktiounen awer staark kontestéiert. De Verdacht läit no, datt et sech bei verschiddene vun esou Rettungsaktiounen a Wierklechkeet ëm Aktivitéiten handelt déi organiséiert Schleiseraktioune bewosst oder onbewosst ënnerstëtzen.

Dowéinst wollt ech dem Här Baussen- an Immigratiounsminister eng Rei Froen an dem Zesummenhank stellen:

1. Wéi vill Leit huet Lëtzebuerg zënter 2015 aus maritimen Hëllefsaktiounen am Mëttelmier opgeholl? Wéi vill Persoune vu wéi enge Schëffer? Wéi e Geschlecht a wéi eng Nationalitéit haten déi Persounen?
2. Wéi e legale Statutt hunn déi Leit wann si op Lëtzebuerg kommen? Gëtt et eng Eenzelpruefung fir auszeschléissen, datt et sech em ekonomesch Migranten handelt?
3. Wéi vill vun deene Leit sinn elo nach zu Lëtzebuerg an ënner wéi engem Statutt? Hu si eng Familljenzesummeféierung gemaach? Wa jo, wéi vill Persounen aus wéi enge Länner sinn nokomm?
4. Wéi vill aner europäesch Staaten hunn bei deene verschiddenen Aktioune matgemaach? Wéi huet sech d'Zuel vun deene Staaten zënter 2015 entwéckelt an aus wéi enge Grënn?
5. Wéi eng europäesch Staaten hu wéi vill Persounen aus wéi enge maritimen Hëllefsaktiounen opgeholl? Wéi ass dee Lëtzebuerger Bäitrag am Vergläich mat den Ustrengunge vun anere Staaten ze bewäerten?

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

6. Wéi ass d'Interpretatioun vun der Lëtzebuerger Regierung iwwer déi Dispositiounen am Internationale Séirecht, déi bestëmmen, datt Leit déi aus Séinout gerett gi sinn, sollen an dee noosten, sécheren Hafe bruecht ginn? Kann dat och en Hafen an Afrika sinn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742